Grand-Duché de Luxembourg

Administration communale
**FISCHBACH**

Fëschbech, den 18. August 2026

# Schoulbus-Begleeder/in gesicht

D’Gemeng Fëschbech sicht eng absolut pénktlech an zouverlässeg Persoun déi gutt mat Kanner kann ëmgoen fir mam Schoulbus den Tour ze maachen a besonnesch op d’Précoce Kanner aus dem Cycle 1.0 opzepassen.

D’Aufgab besteet doranner de Kanner ze hëllefen an de Bus ze klammen an dass se mat hire Schoulsaachen op dem richtegen Arrêt rëm erauszeklammen. De Schoulbus-Begleeder kuckt och, dass Sécherheet an Disziplin wärend dem Transport garantéiert sinn an d’Kanner mam Gurt ugestréckt sinn.

Soubal d’Kanner bei der Schoul aus dem Bus klammen, ass d’Verantwortung beim Léierpersonal an ier d’Kanner beim Busarrêt an de Bus klammen, läit d’Verantwortung bei den Elteren.

Wärend der Schoulzäit, Méindes, Mëttwochs a Freides mëttes ass den Depart um 13:25 bei der Schoul fir d’Kanner rëm anzesammelen a bei d’Schoul ze bréngen an duerno géint 16:00 Depart vun der Schoul mat de Kanner. De Buschauffer bréngt de Busbegleeder um Schluss vum Trajet rëm zeréck bei d’Schoul.

Wann Dir un dëser Aufgab interesséiert sidd, maacht wgl. bis den 9. September 2026 um 12h00 Auer eng Mail op secretariat@acfischbach.lu mam Betreff „Schoulbus-Begleeder“ a mat

- Äre Coordonnéeën,
- Ärer Telefonsnummer,
- engem rezente Extrait vum Casier Judicaire bulletin no 5 "Protection des mineurs"*;
- dem kompletten Certificat d’affiliation vum CCSS*.

De Schäfferot

Administration Communale ★ FISCHBACH ★

*Dës Dokumenter kënnt Dir gratis op www.myguichet.lu bestellen

Adresse :
1, rue de l’Eglise
L-7430 FISCHBACH
www.acfischbach.lu

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d’Klima
65%

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d’Natur
50%